LSAP

Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Entrée le 30.01.2025

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2025

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, stellt de Grupp parlementaire LSAP eng Demande, fir eng Heure d'actualité ze organiséieren, fir mam Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend ze beschwätzen, wat um Niveau vun der Politik an de Beräicher Bildung, Kanner a Jugend geschéie muss, fir eng Verbesserung vun der mentaler Gesondheet vun de Mannerjäregen ze erzilen.

Rezent hunn international an national wëssenschaftlech Publikatiounen ëmmer nees drop opmierksam gemaach, dass et zu Verschlechterungen um Niveau vun der mentaler Gesondheet vu Kanner a Jonke kënnt.

Sief et a Publicatiounen, wéi der HBSC-Etüd (Santé mentale et bien-être des enfants et adolescents en âge scolaire au Luxembourg), am aktuelle Rapport vum Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher, oder an ëffentleche Stellungname vun der Conférence nationale des élèves du Luxembourg (CNEL) oder der Société des Psychiatres, Pédopsychiatres et Psychothérapeutes (SLPPP) – iwwerall zeechent sech dat selwecht Bild of : enger wuessender Unzuel u Kanner a Jugendlechen hei am Land geet et aktuell mental net gutt.

Wéi et engem Kand oder Jugendleche geet, gëtt vu ville Facteure bestëmmt, mee wann een de Mannerjäregen en Ëmfeld wëll bidden, an deem si sech wuelfille kënnen, ass et indispensabel och mat de Schoulen, de Betreiungsstrukturen aus dem Beräich vun der non-formaler Bildung an insgesamt den Acteuren aus dem Beräich vun de Servicer fir Kanner a Jugendlecher an der Aide à l'enfance zesummenzeschaffen.

Mat déiwem Respekt,

Taina Bofferding

Fraktiounspresidentin



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu